N°3199
Entrée le 17.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/11/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

An de leschte Joren hélt d'Zuel vun de E-Scooteren am ëffentleche Stroosseverkéier staark zou. An der Äntwert op meng vireg Fro n°2608 hat Mobilitéitsministesch erkläert, datt d'E-Scooteren am *Code de la Route* definéiert wieren an ënnerscheet gëtt tëschent Gefierer, déi als Micro-véhicule électrique gëllen, oder an d'Kategorie vum 50-Kubikmoto (50cc) falen.

Et ass eng positiv Entwécklung, allerdéngs ass et och esou, dass vill Leit d'Gefierer ouni Helm, ouni Führerschäin oder Kenntnisser vun de Stroossereegelen notzen. D'Ministesch schreift dozou:
"Genee wéi um Vëlo, ass aus Sécherheetsgrënn vum Ministère recommandéiert en Helm unzedoen, mee dëst ass net obligatoresch."

Dëst féiert oft zu geféierleche Situatiounen, besonnesch wann E-Scooteren onerwaart op d'Strooss fueren oder d'Virfaart huelen. Et existéiert aktuell kee System fir d'Immatrikulatioun oder d'Versécherung vun de Gefierer, grad wann et sech ëm Micro-véhicules handelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Accidenter mat E-Scootere goufen an de leschten dräi Jore vun der Police enregistréiert, a wéi héich war dobäi d'Zuel vu Blesséierten oder materielle Schied?

2. Gedenkt d'Regierung, Verkéiersschoulungen, fir Fuerer vun E-Scooter ze maachen (z.B. ab 13 Joren), fir d'Verkéierssécherheet ze verbesseren?

3. *"Fir de Leit dat awer nach emol an Erënnerung ze ruffen, wäert analyséiert ginn ob eng vun den*

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

nächste Sensibiliséierungscampagne sech ëm Sécherheet vun den E-Scooteren dréie kéint."

Wéini wäert eng Sensibiliséierungscampagnen zum Thema E-Scooter gemaach ginn?

4. Wéi steet d'Ministesch zur Iddi, fir ee System anzeféiere fir d'Immatrikulatioun vun E-Scooteren, fir am Fall vun Accidenter eng kloer Haftungsbasis ze schafen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés